

DÉI BARTRENGER GESCHICHTSFRËNN

invitéieren Iech häerzlechst
op eng Soirée:

"Wéi hunn ech d'Häerz sou wéi"

Aus- an Awanderen zu Lëtzebuerg

Texter a Biller vum Georges Calteux, Lidder vum Jos Schartz

Donneschdeg, den 19. September, um 19.30

zu Bartreng an der ARCA

Et hunn sech net ëmmer Friemer an eisem Land niddergelooss. A schlechten Zäiten hunn der vill vun eise Leit dat Néidegst zesummegepaakt an hunn sech wäit vun doheem en neit Heem opgerüicht.
Am Mëttelalter sinn déi ënnerdréckte Kräizbaueren aus der Groussregioun no de Karpate gezunn an am 19. Joerhonnert goung et no Süd- an Nordamerika.
An de Vereenegte Staaten dierften der méi wéi 70 000 Fouss gefaasst hunn, an a ville Fäll hunn si et zu engem gewëssene Wuelstand bruecht. Besonnesch dës Communautéit ass aktiv bliwwen an huet sech virgeholl d'Kontakter mat där aler Heemecht oprecht ze haalen.

Deen Owend an der ARCA sinn och e puer Lëtzebuerger-Amerikaner zu Bartreng. Ënnert hinnen de Kevin Wester, den Direkter vum "American Luxembourg Cultural Center" zu New Luxembourg am Wisconsin, deem seng Famill vu Bartreng staamt.

Aus- an Awanderen huet mat Emotiounen ze dinn, an esou si Lidder entstanen, déi haut bei äis gréisstendeels onbekannt sinn, a vum Jos Schartz virgedroe ginn.
De Georges Calteux léisst Iech e Stéck Lëtzebuerg entdecken, wat dausende Kilometeren ewech, op engem anere Kontinent, entstanen ass.

Mir freeën äis op Är Presenz

Fräien Entrée

Geschichtsfrënn Bartreng A.S.B.L. 2, beim Schlass L-8058 Bertrange geschichtsfrenn.bartreng@gmail.com
BCEE LU13 0019 4055 4005 8000 RCS.F9455